Här Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 4te Februar 2020

Här President,

sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister an de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.

An engem RTL-Reportage vum 3te Februar 2020 huet den Ex-Wirtschaftsminister folgend Behaaptung gemaach:

„Dat eenzegt, wat mir wäert feelen, ass datt ech mech net méi hannen an den Auto sëtze kann a vir wäert ee fueren. Bis e Kolleeg mech drop opmierksam gemaach huet, dass ech och keen Auto méi hunn ab dem 5. An dat ass effektiv richteg, elo muss ech mech och nach dorëms këmmeren."

Et kéint een dës Ausso esou verstoen, dass d'Ministere fir all hir Deplacementer op ee staatlechen Déngschtauto souwéi ee perséinleche Chauffer zeréckgräife kënnen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministere folgend Froe stellen:

1. Däerf all Minister een Déngschtauto souwéi ee Chauffeur fir seng privat Trajete benotzen?
2. Ass dëse Service Deel vum Traitement vun de Minister a kritt all Minister dëse Service vum Staat zur Verfügung gestallt? Falls jo, bezuelen d'Regierungsmemberen, d'selwecht ewéi Salariéeën et och bei Déngschtween vun Entreprise maachen, Steieren op dësen Avantage?

Mat héijem Respekt,

Marc GOERGEN
Députéierten